

Ab 25.4.

VIRTRAG A WORKSHOP

Bachbléien entdecken



Bachbléie sinn 38 planzlech Mëttelen, déi viru bal 100 Joer vum engleschen Dokter, Wëssenschaftler a Botaniker Edward Bach an d'Liewe geruff goufen. Den Dr. Edward Bach war der Iwwerzeugung, dass de Mënsch en eenheetlecht Wiesen ass, an dass all Problemer (kierperlecher oder mentaler Natur) och ëmmer vun diversen Emotiounen begleet sinn. Seng 38 Bachbléien entspreche jee weils enger bestëmmter emotionaler Situatioun (wéi z. B. Angscht, Roserei, Ongeduld, Näid, Mangel u Selbstvertrauen, Trauer, Deprime). Wann een déi respektiv Bachbléien zou sech hëlt, kommen dës Emotiounen erëm an e Gläichgewicht an et geet och dem ganze Mënsch besser.

Wien huet sech net schonn traureg, verlooss, depriméiert, rosen, aggressiv, ängschtlech oder sënnslos gefillt? Mat Bachbléie kann un dësen Emotiounen geschafft ginn, an déi betreffend Persoun fillt sech méi ausgeglichen, ënnerlech roueg an ass och fir hiert Ëmfeld méi positiv an zougänglech.

Sech selwer mat Bachbléien hëllef ass ganz einfach, a virun allem kann een näischt falsch machen. Fir awer en optimaalt Resultat ze kréien ass et besser, wann een e puer Saachen driwwer léiert. Dofir bidde mir dës Formatioun un, déi 4 x moies 2 Stonnen dauert. Dir léiert déi 38 Bachbléie kennen a wéi Dir lech eng Mëschung zoubereet an anhuelt. D'Bachbléie kritt een an den Apdikten eenzel ze kafen, dat heescht et muss een net déi 38 Bachbléie kafen fir kënnen unzefänken. Fir eng Mëschung hirzestellen, brauch een nëmmen zwou Drëpse vun all Bachbléi, de Rescht gëtt mat Waasser an eventuell e bëssen Alkohol oder Esseg opgefëllt. Et kënnt een also ganz laang domat. Bachbléie sinn net toxesch a maachen net ofhängeg. Si si mat all aner Therapie kompatibel.

Am Virtrag kritt Dir eng allgemeng Introductioun zum Thema Bachbléien. Och nom Virtrag hutt Dir nach d'Geleeënheet, lech fir de Cours unzemellen, sou laang nach Plaze fräi sinn.



Christiane Goeres, Heilpraktikerin



Lëtzebuergesch



Virtrag: Donneschdeg, 25. Abrëll um 14:30 Auer
Workshop: 16/05, 23/05, 06/06, 13/06 vun 14:00 bis 16:00 Auer



Virtrag: 8 € mat der Kaart aktiv60+, 10 € Normalpräis
Workshop: 60 € mat der Kaart aktiv60+, 70 € Normalpräis

Schéckt eis w.e.g. den Umeldungsformular zrëck. Dir kritt dann eng Rechnung an zousätzlech Informatiounen.



RBS-Seniorenakademie, Itzig

